LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Égalité des chances

**10e anniversaire du service Riicht eraus**
**Discours de Mme Lydia Mutsch, ministre de l'Egalité des chances**
**31 mars 2014 à 19.30 heures (EXIT07)**

**Le discours prononcé fait foi**

---

Här Generaldirekter vum Roude Kräiz,
Léiw Memberen aus der Direktioun,
Léiw Matarbechter(Innen) vum Riicht eraus,
Dir Dammen an dir Hären,

D'Lëtzebuerger Roud Kräiz huet dest Joer vill ze feieren. Den 18. März war et de feierlechen Optakt am Stater Theater mam 100. Anniversaire.

An haut feiren mer den 10. Gebuertsdaag vum Riicht eraus.

Säit 2004 ass de Riicht eraus mam Chancengläichheetsministère conventionnéiert. Deemols ass de Service vum Planning Familial géréiert ginn, éier en 2011 e Service vum Roude Kräiz, an domat partie intégrante vun de sozialpoliteschen Activitéiten vum Roude Kräiz ze intégréiren, ginn ass.
Wéi ech mech am Virfeld op dësen wichtegen Anniversaire preparéiert hun, sin ech op e ganz interessanten Artikel aus dem Jöer 2005 iwwert de Sujet vun der Täterarbecht gestouss, deen vun engem Schwäizer Psychotherapeute verfaasst gouf. Erlabt mer datt ech e kuerzen Auszug citéiren, fir kënnen op d'Entwécklungen vum Encadrement vun der häuslecher Gewalt méi détailléiert anzegoen:

*„La complexité des violences domestiques contraint professionnels et spécialistes à penser un dispositif d'intervention intégré qui articule d'une manière spécifique les instances juridico-policières, médicales, psychothérapeutiques et sociales. La mise en œuvre d'un tel dispositif est le fait de décisions politiques octroyant les moyens financiers nécessaires à sa réalisation.*
*L'histoire nous enseigne qu'il n'y a pas de prise en charge et de traitement significatif des auteurs de violences sans l'institutionnalisation de structures ad hoc et leur intégration rigoureuse dans un tel dispositif. La raison en est simple : sans contraintes extérieures réitérées, pouvant aller jusqu'à l'injonction judiciaire à des fins thérapeutiques, l'idée ne vient pas aux auteurs de violences d'en passer par un processus thérapeutique, quel qu'il soit, pour changer leurs comportements. »*[1]

Villes vun dësen Elementer hun mer säit dem Bestoen vum Gesetz iwwert d'Violence domestique schon emgesat. Ech wéilt fir d'éischt ervirhiewen datt mer zu Lëtzebuerg eng

[1] Denis Châtelain, « Traitement des auteurs de violences conjugales et familiales – Du lieu institutionnel au lieu de la vérité »

interdisciplinaire an interinstitutionnel Zesummenaarbecht hun, fir den Affer awer och den Täter vun häuslecher Gewalt kënnen ze hëllefen.
Am Résumé:

1. Mir hun mer e Gesetz iwwert d'Violence domestique dat 2013, opgrond vun den Erfahrungen déi sech säit séngem Akraafttrieden erginn hun, grondleegend reforméiert ginn ass, an dat mat wäitreechenden Konsequenzen fir de Riicht eraus, op déi ech spéider nach méi genau wëll agoen.

2. Mir hun gudd fonctionnéierend Servicer déi sech em Victimen an Auteuren adequat bekëmmeren.

3. Mir hun gudd openeen ofgestëmmten Prozeduren zwëschent den verschiddenen Acteuren um Terrain (de Service d'assistance aux victimes de la violence domestique, de Parquet, d'Police…an elo de Riicht eraus), déi sech an de leschten Joëren gefestegt, bewährt a verbessert hun.

An dësem Zesummenspill iwwerhëllt de Comité de coopération entre les professionnels dans le domaine de la violence eng wichteg Roll. E bréngt déi eenzel Acteuren un een Dësch fir zum engen d'Emsetzung vum Gesetz um Terrain ze analyséiren, an zum aneren eng wichteg Plateforme ze schafen fir iwwert de gesellschaftlechen „Fléau" vun der häuslecher Gewalt permanent ze diskutéiren. Hei ginn och Pisten opgezeechent, déi onerlässlech sinn fir häuslech Gewalt iwwert de Wee vun der Préventioun an Sensibilisatioun ze reduzéiren.

Dir Dammen an dir Hären,

Eist gemeinsamt Ziel muss et sinn fir d'Thema vun der häuslecher Gewalt weider ze enttabuiséiren an ze reduzéiren. Dat gelengt eis engersäits duerch eng méi breet ëffentlech Debatt duerch Préventiouns- an Sensibiliséirungscampagnen.
Anerersäits duerch d'Identifikatioun vun den Ursaachen vun häuslecher Gewalt, wéi mer dat grad amgaangen sinn am Cader vun der Etude vum CRP Santé.
Virun deem Hannergrond ass d'Aarbecht déi vum Riicht eraus geleescht gëtt eminent wichteg. Et ass absolut noutwenneg ze verstoen firwat en Auteur zur Gewalt gräift, an wat séng déiwer Beweeggrënn sinn:

- Wat fir Viirgeschichten huet en Auteur, an aus wat fir engen sozialen a kulturellen Schichten kënnt en?

- Besteet e Scholdbewosstsinn beim Auteur an sinn him Notiounen wéi géigensäitegen Respekt oder Chancengläichheet zwëschen Mann a Fra geleefeg oder onbekannt, abstrakt Konzepter?

Op Basis vun den Äntwerten op des grondleegend Froen kann een d'Therapie usetzen, fir Mentalitéiten an gewalttäteg Verhalensweisen bei den Auteuren nohalteg ze änneren.

D'Aarbecht déi den Riicht eraus leescht ass also keng einfach an huet och net emmer dee Stellenwert an der Gesellschaft deen se verdéngt. Villméi ass des therapeutesch Arbecht mat engem negativen Stigma behaft: dir hëlleft deenen, déi Gewalt ausgeübt hun. Dobäi kënnt datt eis Gesellschaft oftmols d'Tendenz huet fir éischter eng repressiv an onnuancéiert Haltung anzehuelen, an zu Viirverurdeelungen ze neigen.
Ech wëll d'Gravitéit vun esou Gewaltdoten a kengster Weis relativéiren. Mä mir mussen den therapeuteschen Suivi vun Auteuren vun der häuslecher Gewalt als dat ugesinn wat en ass: nämlech e wichtegen Bausteen vun enger nohalteger Gewaltpréventiouns-strategie.

Léiw Matarbechterinnen an Matarbechter,

Duerch är Täterarbecht hudd der en enormt Wëssen an duervir sinn ech och gespant ob déi Resultater déi sech erginn aus der 2. Phase vun der Etude vum CRP Santé iwwert d'Ursaachen vun der häuslecher Gewalt. Dank der Ennerstëtzung an Mathëllef vum Riicht eraus ass des Phase amgaangen emgesat ze ginn.
Hei gëtt de Schwéierpunkt op d'Auteuren gesat während déi 3. Phase de Fokus op déi Professionnell um Terrain leet. Déi éischt Phase iwwert d'Victimen huet jo Ufanks 2014 hieren Ofschloss fonnt.

Dir Dammen an dir Hären,

Ech wollt nach eng Kéier op den interinstitutionnellen an interdisciplinären Dispositif, dee mer am Beräich vun der häuslecher Gewalt hun, zereckkommen, an ervirsträichen datt mat der Reform vum Gesetz en ganz wichtegen Schratt geholl ginn ass. De Riicht eraus ass elo per Gesetz e formellen Partner an dëser Zesummenaarbecht zweschent den Institutiounen. Domadden kommen awer och nei Responsabilitéiten op de Service duer. Ech wéilt op e puer vun desen neien Responsabilitéiten zeréckkommen:

- De Moment vun der Expulsioun informéiert d'Police esouwuel de Riicht eraus wéi och de SAVVD fir datt d'Täter- an Afferarbecht kann ufänken;

- Laut Gesetz mussen d'Auteuren elo de Riicht eraus kontaktéiren, an dat an engem Zäitraum vun 7 Deeg no der Expulsioun. Am Fall wou den Auteur sech net am Riicht eraus presentéiert, geet de Riicht eraus proaktiv fir, an kontaktéiert vun sech aus den Auteur fir eng Entrevue, wouvunner dann e Rapport un de Parquet geet;

- Am Cader vun enger juristescher Prozedur, kann sech den Auteur vum Riicht eraus begleeden loossen;

- De Riicht eraus ass doriwwer eraus elo e formellen Member am Comité Violence an erfëllt am Zesummenspill mat deenen aneren Institutiounen déi Missiounen déi de Comité muss ëmsetzen. Dozou zielen och de Suivi vun der praktescher Emsetzung vum Gesetz um Terrain mä awer och d'Ausschaffen vun fiablen statisteschen Donnéen.

Mat der Gesetzreform vum Juli 2013 schléisst sech also e Krees, well mer elo en ganzheetlechen Dispositif am Beräich vun der häuslecher Gewalt hun, deen déi zwou Perspektiven berücksichtegt : dat heescht esou wuel d'Affer- wéi och d'Täteraarbecht.

Dir Dammen an dir Hären,

Et bleiwt mer de Responsablen a Matarbechter vum Riicht eraus alles Guddes a vill Courage fir déi kommend Joren ze wënschen. Ech soen Iech e groussen Merci fir äer wichteg an schwéier Missioun déi der musst erfëllen. Dir sollt wëssen datt der mam MEGA ëmmer e wichtegen Partner un ärer Säit hudd, deen Iech och an de kommenden Joren tatkräfteg wärt ennerstëtzen.

Ech soen Iech merci fir är Opmierksamkeet.

Lydia Mutsch
Ministerin fir Chancegläichheet